PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/03/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Mobilitéit weiderzeleeden.

Nodeems d'Gratuitéit fir den Transportservice Adapto op Drock vun e puer Deputéierten souwéi am Kader vun enger Petitioun agefouert gouf, gëtt elo de ganze Service vum Adapto ëmstrukturéiert. An dem Kontext gouf een neie Reservatiounssystem op d'Been gestallt an och eng nei Adapto-App gouf erstallt, mat där d'Passagéier hir Trajete reservéiere kënnen. D'App selwer gouf vun enger Privatfirma entwéckelt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat gouf bei der Entwécklung vun der App op eng extern Firma zeréckgegraff an net op de Knowhow vum CTIE?
2. Wéi vill huet d'Entwécklung vun der neier Adapto-App kascht?
3. Gouf et fir d'Entwécklung vun der App eng ëffentlech Ausschreiwung?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député